**AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.**
B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette
mailto: avek@avek.lu www.avek.lu
www.facebook.com/aveklu.lu
RCS Luxembourg : F4668

D'AVEK annoncéiert an invitéiert Iech och op hir véiert Aktivitéit am Joer 2023, Samschden, de **17. Juni:**

# D'guidéiert Visitt vum Pretemer Haff

**De Rendez-Vous fir dës Visitt ass um 09:45 Auer um Pretemer Haff** op 51, rue Centrale,L-4499 Lampech. De Pretemer Haff ass Deel vun der Aktioun „Sou schmaacht Lëtzebuerg", déi vun der Landwirtschaftskummer an enker Zesummenaarbecht mam Landwirtschaftsministère am Joer 2009 als Sensibiliséierungs- an Informatiounscampagne an d'Liewen geruff ginn ass. Virrangegt Zil vun dëser Campagne ass d'Avantage vu regional produzéierten Liewensmëttel esou wéi d'Vilfalt vun den eenheemesche landwirtschaftlechen Produkten ze vermëttelen. De Pretemer Haff huet de Label "Eist Uebst a Geméis". Wann d'Wieder et erlaabt gi mer och duerch en Apelbongert gefouert. D'Visitt mam Här Hoffmann dauert 2 Stonnen an duerno gi mär bei de Café Müller zu Lampech um 12:30 Auer zesummen iessen. Mir schécken Iech nach méi Informatiounen fir d'Iessen Ufank Juni.

Aus organisatoresche Grënn biede mir Iech, Iech elo schonn **bis de 6. Juni unzemelle** per Mail op avek@avek.lu oder per Telefon am Sekretariat vum Escher Jongelycée op de 55 62 85-212 an eis matzedeelen zu wéi vill der kommt.